N°1036
Entrée le 01.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Justizministesch Elisabeth MARGUE an dem Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max HAHN op d'parlamentaresch Fro n° 1036 vum 18. Juli 2024 vun den honorabelen Deputéierten Marc SPAUTZ a Françoise KEMP**

1. *Wat huet d'Regierung kuerz-, mëttel- a laangfristeg virgesinn, fir d'Benevolat zu Lëtzebuerg nees méi attraktiv ze gestalten, sou wéi et am Koalitiounsaccord virgesinn ass?*

Wéi am Koalitiounsaccord festgehalen, wäert d'Regierung hir Efforte verstäerke fir de Benevolat weider ze promouvéieren, d'Offer un d'Besoine vun de Leit unzepassen a méi flexibel Méiglechkeete sech ze engagéieren unzebidden. Tatsächlech gëtt et e grousst Potential vum Benevolat zu Lëtzebuerg, wéi eng TNS-Ilres Ëmfro vun 2021 am Optrag vum Familljeministère gewisen huet.

Déi nei Plattform „benevolat.lu“ vun der *Agence du bénévolat* bréngt haut schonn Associatiounen a Fräiwëlleger beieneen, andeems souwuel punktuell wéi och méi laangfristeg Méiglechkeeten sech ze engagéiere verëffentlecht ginn, dat an ënnerschiddlechen thematesche Beräicher. D'Offer vun dëser Plattform gëtt permanent ausgebaut a soll och an Zukunft weider developpéiert ginn. Notamment soll d'Benevolat-Offer am soziale Beräich erweidert ginn, sief et am Handicap, bei eelere Persounen oder Mënschen, déi sozial méi schwaach sinn, andeems méi „nidderschwelleg“ Missiounen, wéi zum Beispill mat enger Persoun Kaffi drénken, trëppele goen oder einfach Zäit verbréngen, ausgeschafft an ugebuede ginn. Gläichzäiteg soll och de benevollen Engagement vun eelere Leit méi staark gefërdert ginn, andeems d'Offer an deem Beräich op der Plattform „benevolat.lu“ ausgebaut gëtt.

Donieft wäerten och d'Méiglechkeete vum digitale Benevolat ausgebaut ginn, sou datt Leit, déi zäitweis an aus verschiddene Grënn net sou flexibel oder mobil sinn, op eng digital Offer zeréckgräife kënnen.

De Familljeministère wäert mëttelfristeg een interministerielle Comité an d'Liewe ruffe mam Zil e Statut vum Benevollen ze schafen, Weeër ze siche fir de Benevolat ze valoriséieren, z.B. iwwer e Badge-System, wéi et dat am Ausland scho gëtt, respektiv d'Méiglechkeet ze préiwe fir eng Assurance-Accident fir de Benevollen anzeféieren.

A puncto Kommunikatioun ass eng Campagne virgesinn, déi d'Wichtegkeet vum Benevolat an eiser Gesellschaft ervirhiewen an d'Leit encouragéiere soll, sech benevole ze engagéieren.

2. *Wéi vill Veräiner ginn iwwert de Seuil vun der Kategoriséierung am neie Gesetz vun der « petite » zur « moyenne » Associatioun? Wier et méiglech dës Seuil'en ze flexibiliséieren a per Règlement Grand-ducal amplaz Gesetz ze definéieren, fir esou der Situatioun um Terrain gerecht ze ginn?*

D'Gesetz vum 7. August 2023 iwwert ASBLen a Fondatioune ("d'Gesetz") gesäit am Artikel 18 vir, dass all ASBL eng Comptabilitéit muss féieren. Dës Obligatioun, déi net nei ass an zu enger gudder Gouvernance gehéiert, gëtt elo proportional zur Gréisst an Aktivitéit vun der ASBL festgeluecht. D'Gesetz gesäit ab dem Akraafttriede vum 23. September 2023 awer eng Iwwergangszäit vu 24 Méint vir.

**Zur Erënnerung**: Wéinst der Iwwergangsperiod vu 24 Méint, hunn d'ASBLen nach Zäit, sech mam neie Comptabilitéitsregimm vertraut ze maachen. D'Associatiounen, déi virum Akraafttriede vum neie Gesetz, also virum 23. September 2023, gegrënnt goufen, bleiwe bis den 23. September 2025 dem ale Comptabilitéitsregimm ënnerstallt, ausser si géifen hir Statuten un dat neit Gesetz virun dësem Datum upassen. Nom Oflafe vun der Iwwergangszäit, wäerten d'Ännerunge fir d'ASBLen d'Comptabilitéit vun 2026 betreffen, déi 2027 wäerten deposéiert ginn. Wann d'ASBLen hir Statute virum Enn vun der Iwwergangszäit un dat neit Gesetz upassen, kënnen sech d'Ännerungen och méi fréi applizéieren, z.B. falls eng ASBL hir Statuten am Laf vun 2024 geännert huet, gëllt den neie Comptabilitéitsregimm ab dem 1. Januar 2025 an d'Comptabilitéitsdokumenter mussen am Juni 2026 approuvéiert ginn.

Vun deem Moment un, wou d'Konte vun den ASBLe wäerten um *Registre de commerce et des sociétés* ("RCS") ënnert dem neie Gesetz deposéiert ginn, wäerten Zuelen disponibel ginn, wéi vill ASBLen ënnert déi kleng, mëttel oder grouss ASBLe falen. Des Zuele bestinn am Moment also nach net.

Et ass am Moment net virgesinn, d'Seuilen aus dem Artikel 18 vum Gesetz unzepassen oder dës Seuilen an engem aneren Text wéi dem Gesetz festzeleeën.

3. *Bestinn Iwwerleeunge fir een Template um Site www.myasbl.lu en place ze setzen, undeem sech d'Associatiounen orientéiere kéinte fir d'Comptabilité en partie double an de Bilan automatiséiert ze maachen?*

Den Artikel 18 vum Gesetz gesäit vir, wéi déi kleng, mëttel a grouss ASBLen hir jeeweileg Comptabilitéit nom Ënn vun der Iwwerganksz äit vu 24 Méint musse féieren.

Et ass am Moment net virgesi, Modeller op der Internetsäit myasbl.lu ze veräffentleche fir den Associatioune Fräiheet ze loossen hire Schema sou ze gestallten, datt et am Aklang mat hiren Aktivitéiten ass.

4. *Betreffend dem Punkt vun der « gratuité », wier et méiglech, dësen duerch eng Formule zeersetzen, déi et erlaabt d'Frais encourus, d'Frais de représentation oder Änleches ze bezuelen?*

D'Gesetz gesäit an den Artikele 5 (3) fir d'ASBLen a 45 (2) fir d'Fondatiounen d'Gratuitéit vun de Mandater vun den Administrateure vir.

D'Gratuitéit heescht, dass keng Bezuelung vum Mandat däerf an de Statute virgesi ginn, an dass keng Bezuelung stattfannen däerf. Dëst schléisst awer haut schonns net aus, dass reell Käschten, wéi z.B. Deplacements- an Openthaltskäschten kënnen op der Basis vu presentéierte Rechnungen rembourséiert ginn, wëll dës keng Bezuelung vum Mandat duerstellen.

Lëtzebuerg, den 1. Oktober 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue